

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16. September 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premier- an den Här Finanzminister esou wéi un d'Dammen an Häre Ministere fir Aarbecht, Soziales, d'Groussregioun an den Transport weiderzeleeden:

D'Grondreegele vun der internationaler Fiskalitéit gesi vir, datt d'Aarbecht do besteiert gëtt, wou se gemaach gëtt. Lëtzebuerg a Frankräich si sech jo eens ginn, fir datt franséisch Frontaliere bis Enn vum Joer kënne vun doheem aus schaffen, ouni datt déi Frontalieren no 29 Deeg Heemaarbecht mussen hir Steieren a Frankräich bezuelen. Och mat Däitschland an der Belsch si bilateral Accorde fonnt ginn. An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Finanzminister:

1. Watfir Verpflichtunge si vu Lëtzebuerg geholl ginn, an den Dossiere vun enger verlängerter Heemaarbecht mat eisen dräi Nopeschlänner?
2. War d'Regierung bereet, am Kader vun enger Verlängerung oder Verallgemengung vun der Heemaarbecht finanziell Konzessiounen ze maachen a wa jo wéi eng?
3. Gëtt dru geschafft, deen zweete Volet vun der Heemaarbecht, nämlech d'Verdeelung vun de Kotisatiounen an de Leeschtunge vu Kranken- a Pensiounskeesen, mat deenen dräi Länner ze reegelen?
4. Wat ass den aktuelle Stand vum besonnesch a Frankräich diskutéierte finanziellen Ausgläich un eis Nopeschlänner, deenen hir Leit bei eis als Frontaliere schaffen? Wéi gesäit dat konkret aus, wéi vill Geld gëtt hei bezuelt an zu wat fir enge Konditiounen? Wat sinn déi fënnf gréissten Infrastrukturprojeten an all Nopeschland, déi Lëtzebuerg matfinanzéiert a wat kascht dat?
5. Gëtt et eng Koordinatioun an der Regierung, wou all Verpflichtungen, déi mir géintwuer eise Nopeschlänner geholl hunn, och wa si aus Einzelprojetë oder aus net wirtschaftlechen Domänen kommen, zesummelafen?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten